Rapport Entrevue mam MENJE (Mme M. Bruck, M. R. Nehs, M. P. Reding) vum 23. Januar 2018

1) Bicher / Material (iPads, Fotokopien)

Mir fannen, dass “gratis Bicher fir jiddereen” sozial net gerecht ass, an och ökologesch bedenklech, well dann praktesch keng Bicher méi e puer mol benotzt ginn. De Moment wou d’Bicher gratis ginn muss de Professer trotzdeem och seng pedagogesch Fräiheet behalen an dofir Fotokopien kënne maachen. Also sollen och de kopéierten Cours an all aner Dokumentatioun fir de Cours gratis sinn, och wann d’Zuel vun de Fiches de travail op ë sënnvollen Minimum soll reduzéiert ginn!

Äntwert vum Ministère: De Ministère huet dat verstanen a wëll de Support de cours obligatoire (Editiounen vum SCRIPT) gratis fir d’Schüler maachen.

Mir fannen, dass och déi Supports de cours (Fotokopien), déi d’Professeren selwer erschaffen, de Schüler sollten gratis zur Verfügung gestallt ginn, a schloe fir, dass d’Schoulen e Budget dofir kréien.

Äntwert vum Ministère: Si fäerten dass dat zum Abus kéint féieren. Et muss opgepasst ginn, datt net einfach Bicher kopéiert ginn, wou Droits d’auteur drop stinn.

Dorops hu mir virgeschloen, dass d’Fotokopien (Support de cours) sollten beim Service fir d’Fotokopien deklaréiert ginn grad wéi och d’Prüfungsfroen, domat kann all Moment nogewise ginn, firwat déi Kopien gebraucht ginn.

De Projet Digital Classroom Lëtzebuerg gesäit vun 2018 u vir, de Schüler all Joer 4000(!) iPads zur Verfügung ze stellen fir de Präis vu 5 Euro pro Mount. De Leit vum CGIE no ersetzt esou en iPad Pro quasi d’Tafelen integral, ob “analog” oder “interaktiv”. Deemno gëtt esou en iPad Pro zum Aarbechtsmaterial promovéiert a mir fannen dass och déi Professeren/Enseignanten, déi esou Klassen kréien, hiert Material vum Ministère mussen zur Verfügung gestallt kréien. Dëst virun allem, well si am Viraus sollen e Cours ausschaffen mat dësem Instrument. Vu dass de Staatsbeamten säin Aarbechtsmaterial am Prinzip ëmmer gestallt krut, verlaange mir dat och!

Äntwert vum Ministère: Si sinn am gaangen mat der Steierverwaltung ze verhandelen fir dass d’Enseignanten kënnen hiren Tablett als Frais d’obtention steierlech ofsetzen, an dëst an all Steierbüro am Land.

Dernieft fanne mir och, dass no enger éischter Projetsphase eng Evaluatioun vum pedagogeschen Benefice vun dem Projet iPadklassen misst gemaach ginn, ier d’ganzt Land mat iPads agedeckt gëtt!

Äntwert vum Ministère: Esou e Bilan ass vum SCRIPT virgesinn.

2) Publikatioun vun den Instructions ministérielles vun de leschte Joren

Et sinn iwwert d'Joren eng Rei Instructions ministérielles un d'Direktioune gaangen, déi d'Enseignante vum Secondaire betreffen. Déi sinn net ëmmer an iwwerall un d'Enseignante weider gereecht ginn a wann dach, da meeschtens per Email wat se net einfach erëm ze fanne mëscht. Vu

Siège social 389, route d’Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif André Berns
Marco Breyer
Patrick Beil
Gilles Everling

apess a.s.b.l.
R.C.S. Luxembourg F4426

datt do awer wichteg Detailer vun dem Enseignant sengem Beruff behandelt ginn wier et wichteg, datt all Enseignant déi jidderzäit kéint consultéieren, sou wéi dat mat de Gesetzer a Reglementer iwwer legilux.lu de Fall ass.

Äntwert vum Ministère: De Ministère ass sech dees bewosst a wëll eng nei Uerdnung an d'Législation scolaire bréngen. All Texter (z.B. Instructions ministérielles) solle public gemaach ginn a kënnen och um APESS-Site verlinkt oder veröffentlecht ginn.

3) Problem Formation continue

Laut der Instruction ministérielle vum 18.11.15 mussen all Professeren 48 Stonnen unerkannten FC am Zäitraum 2015/16 bis 2017/18 gemaach hunn. Enn vun dësem Schouljoer gëtt de Bilan gemaach, an déi Leit, déi méi wéi 48 Stonnen FC gemaach hunn, sollen der just 4 kënnen mat an déi nei Period 2018/19 bis 2020/21 huelen. Esou eng Restriktioun gëtt et bei den anere Staatsbeamten net: déi kënnen hier 30 Deeg FC maachen sou séier wéi si wëllen. Mir fannen dat ongerecht an hu verlaangt, dass all Stonnen kënnen weider comptabiliséiert ginn.

Äntwert vum Ministère: Si gesinn an, dass déi 4 Stonnen net duer ginn, a wëllen d'Zuel vun deene Stonnen substantiell erhéijen.

Op eis Fro hin, op eng FC kéint nodréiglech vun engem Direkter refuséiert ginn,

äntwert de Ministère, dass all déi vum IFEN unerkannte, fir de betraffenen Enseignant als prioritär markéiert Formatiounen musse vun den Direktiounen unerkannt ginn. Allerdéngs ass et ëmmer am beschten, d'Erlaabnis fir d'FC am Viraus bei der Direktioun unzefroen, virun allem wann et keng prioritär oder eng net vum IFEN organiséiert FC ass.

De Ministère huet och betount, datt den IFEN net de Monopol op de Formatiounen huet a sech gewënscht, datt dat géif méi bekannt gemaach ginn.

De MENJE wonnert sech, datt esou wéineg Professeren selwer FC halen. Mir hunn doropper higewisen, datt eng FC vill Virbereedung erfuerdert an de Professer deen se hält dann och misst deementspriechend méi Stonnen unerkannt kréien. *Dat huet dem Ministère ageliicht an hien deelt eis an enger nächster Reunioun mat wat do ënnerholl gëtt.*

4) Poste à responsabilités particulières (PRP)

E laangjärege Member vun der APESS hat am Oktober 2015 e PRP unerkannt kritt, an ass am November 2017 gewuer ginn, dass de Minister him an engem Arrêté vum 29. Juni 2017 de PRP retroaktiv fir dat ganzt Schouljoer 2016/17 erëm ewechgeholl huet. Hie krit elo deen entspriechende Surplus an der Pai vun 15 Méint integral vu senger Dezember- a Januarpai erëm ofgebucht. Mir fannen dat e staarkt Stéck a wieren eis géint déi Mesure rétroactive. Et ass des Weideren net ze justifiéieren, dass de Member während ronn 15 Méint Zousazaarbecht gemaach huet, déi elo net bezuelt gëtt!

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif André Berns
Marco Breyer
Patrick Beil
Gilles Everling

apess a.s.b.l.
R.C.S. Luxembourg F4426

De Ministère huet eis versprach, dass de Personalbüro sech deem Fall unhëlt.

Op d'Fro hin, wou genau d'Critèren stinn fir esou e Posten ze kréien si mir gewuer ginn, dass et e net veröffentlechten(!) Text gëtt, dee mir op eisem Site elo publizéiert hunn. Den Text ass mat der Fonction publique ouni Bedeelegung vun der APESS ausgehandelt ginn. Et schéngt sech hei ëm Geheimverhandlungen gehandelt ze hunn, well d'APESS-Memberen sinn dat net gewuer ginn! Geheimverhandlungen si gewerkschaftlech net acceptabel!

Mir fannen, dass den Text contraire zum Geescht vum Gesetz ass an d'Iddi vum Merite ze kuerz kënnt. Wann en Enseignant net een vun de 4 festgehalenen Critèren (Attaché à la direction mat enger Decharge vun op mannst 8 Schoulstonnen, Coordinateur de stage am Lycée, Responsabelen vun engem Projet pédagogique innovatif oder Coordinateur vun engem Fach) erfëllt, da ka säin Asaz ni mat engem PRP belount ginn. Ze bemierken ass, dass all dës Leit jo souwisou schonn eng Decharge hunn! Hei stellt sech d'Fro vun der Berechtegung vun enger duebeler Remuneratioun fir eng an déi selwecht Tâche, op déi d'APESS nach eng Kéier wäert zréckkommen.

De Ministère äntwert dorobber, dass et keng Geheimverhandlungen waren an d'Resultat esou geduecht ass, dass duerch dee Listing keng Willkür entsteet.

5) Ofschafen vun de Comitéen vun den Professeren

D'Gesetz vum 25.6.04 iwwert d'Organisatioun vun de Lycéeën an technesche Lycéeën gouf am Gesetz vum 15.12.16 geännert (cf. Säit 5 Artikelen 9 an 10 resp. Säit 7 Artikel 33 am ale Gesetz). Dat Gesetz ass säit dem 25.12.16 a Kraaft, legal gëtt et also keng Proffecomitéen méi.

Firwat? D'Proffecomitéen hu sech géint de Spuerpak a Reformprojete souwéi d'Inaktivitéit vun de Gewerkschafte gewiert.

Vu datt d'administrativ Servicer net onbedéngt ëmmer déi selwecht Interessen a Perspektiven hunn wéi d'Professeren féiert dat dozou, datt d'Professeren hir Interesse net méi effektiv vertriede kënnen, weder vis-à-vis vun der Direktioun nach vis-à-vis vum Ministère. De Message ass de facto, datt de Professer keng sonnerlech wichteg Roll am Schoulsystem méi spillt.

Am Art. 22 steet "La conférence du lycée réunit **les membres du corps enseignant du lycée et les membres des services du lycée**." während am Art. 33 nach ëmmer steet "Il a pour attributions de représenter les **enseignants** auprès de la direction, auprès du ministre et auprès du comité des élèves et du comité des parents d'élèves.". Dat betrëfft och d'MENJE-Kommunikatioun vum 21.6.17. Hei läit e flagranten Widdersproch!

De Ministère huet de Mëssel betreffend dës zwee Artikelen confirméiert.

Fir kënnen d'Enseignanten ze representéieren misst de Comité komplett aus Enseignante bestoen. D.h. déi Leit aus den anere Servicer déi an der Conférence vertruede sinn dierfen wuel d'Memberen vum Comité mat wielen, mä de gesonde Mënscheverstand géif jo awer diktéieren, datt am Comité just Enseignanten dierfe sëtzen well wéi soll de Comité soss d'Interessen vun den Enseignanten

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif André Berns
Marco Breyer
Patrick Beil
Gilles Everling

apess a.s.b.l.
R.C.S. Luxembourg F4426

vertrieden? Et stellt sech d'Fro, wisou dann net-Enseignanten sollen e Comité wielen, deen net fir d'Vertriedung vun hiren Interessen zoustänneg ass?

An der Zäit sinn d'Comitéen am Prozess vum Ausschaffen vu neie Reglementer agebonne ginn a konnten zesumme mam ganze Corps enseignant en Avis ofginn, cf. DNL-Rapport vun 2012-2013. Elo ginn d'Professeren entmëndegt an däerfen nëmmen nach exekutéieren ouni kënnen d'Schoul vu muer mat ze gestalten.

Fir eis gëtt et nëmmen **eng Léisung**: D'Professere mussen erëm hiren eegene Comité kréien, an dat sollt am Gesetz erëm réckgängeg gemaach ginn. Mir gesi net an, firwat d'Schüler an d'Elteren hier eegen Vertriedung hunn, mee just mir net! Dëst ëmsou méi, well den aktuellen Comité de la conférence du lycée a verschiddenen Gebaier ënnert der Kontroll vun der Direktioun leeft, wat absurd ass.

Mir fuerderen e Comité des professeurs wéi och e Comité du personnel technique et administratif. Aus dësen géif dann de Comité de la conférence du lycée ervir goen.

D'Reaktioun vum Ministère war net eendeiteg, et ass op eng politesch Decisioun higewise ginn...

6) Problemer mat der Carrière vun de Professeurs candidats

De Chargé d'éducation huet 2 Décharges pour ancienneté a senger Carrière bäi kritt an de Professer - Kandidat, obwuel hien den Examen concours gepackt huet an och den Examen de fin de stage, kritt keng esou Decharge! En plus kann e Chargé d'éducation e Poste à responsabilités particulières kréien, de Kandidat net!

Dëst si just 2 Beispiller vun enger Rei vun Ongerechtegkeeten wann een d'Carrièren vun de Professeren aus dem neie Regime mat de Kandidaten aus dem ale Regime a mat de Chargés d'éducation vergläicht.

Mat der Reforme vun der Fonction publique mussen all Staatsbeamten 12 respektiv 30 Deeg FC maachen, fir an den zweetleschten respektiv leschten Grad vun hirer Carrière ze kommen. Dëst mussen och elo déi Kollegen maachen, déi den TC gemaach hunn, wat virun der Reform net de Fall war! Si ginn also ausgebremst an hirer Carrière! De facto sinn si elo déi domm, well den TC elo ofgeschaaft gëtt, an hiren TC also guer näischt wäert ass!

Reaktioun vum Ministère: Si sinn sech bewosst, dass et an de Carrièren Ongerechtegkeete ginn a wëllen dofir déi verschidde Carrièren mat all hiren Elementer (Verdéngscht, Dechargen, ...) mateneen vergläichen. Fir all dës Problemer ze behandelen wäert d'APESS sech deemnächst mam MENJE a mat der Administration du personnel de l'État zesumme setzen.

7) Divers

Eng ganz Rei nei Chargés d'éducation kruten bis an de Januar eran keng Pai an haten bis dohinner och keng Krankeversécherung! Dësen Zoustand ass net tolerabel!

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif André Berns
Marco Breyer
Patrick Beil
Gilles Everling

apess a.s.b.l.
R.C.S. Luxembourg F4426

association des professeurs de l'enseignement
secondaire et supérieur du grand-duché de luxembourg a.s.b.l.

Reaktioun vum Ministère: De Ministère ass selwer doriwwer erféiert. D'Administration du personnel de l'État muss déi Fäll schnellstens regulariséieren.

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif André Berns
Marco Breyer
Patrick Beil
Gilles Everling

apess a.s.b.l.
R.C.S. Luxembourg F4426